piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand & Aarbecht weiderzeleeden.**

Leschte Mount koum et virun de Feierdeeg an enger Bäckerei zu Péiteng zu engem Brand, wat dozou gefouert huet, dass de Betrib net weider funktionéiere kann. De Patron vun der Bäckerei kann deemno déi nächst Méint keen Akommes méi bezuelen a gesäit sech gezwongen, fir seng Salariéeën z'entloossen, wéi een an engem Wort-Artikel vum 23ten Dezember liese kann. Dëst ass keen isoléierte Fall, mee kann och aner kleng Betriber treffen, déi temporär a schwéier finanziell Schwieregkeete geroden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Ënnerstëtzungsmoossname stinn an esou Fäll fir d'Salariéen zur Verfügung, fir ze verhënneren, dass et zu Entloossunge kënnt?
2. Wéi eng Ënnerstëtzungsmoossname stinn an esou Fäll de Betriber zur Verfügung, fir dass si hir Aktivitéiten kënne weiderféieren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés